N°274
Entrée le 02.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Inneministère huet am Kader vum Heescheverbuet de 24ten Januar een Avis juridique an Optrag ginn, fir d'Rechtméissegkeet vu der Decisioun vum 11ten Dezember ze préiwen. Den Avis juridique ass vun der selweschter Etüd erstallt ginn, déi och d'Staat Lëtzebuerg an hirem Kampf fir d'Heescheverbuet viru Gericht sollt vertrieden.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Op Basis vu wéi enge Krittären huet den Inneministère entscheet, bei dëser Etüd den Avis juridique unzefroen?
2. Wéi vill huet dësen Avis kascht?
3. Huet den Inneminister hei keen Interessekonflikt gesinn, vue dass d'Etüd schonn d'Staat Lëtzebuerg an dësem Dossier als Clientë vertrueden huet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

GOERGEN Marc
Deputéierten